ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 3. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

2021 goufe grouss Ännerungen am RGTR-Netz an Ugréff geholl an och zum groussen Deel ëmgesat. Zil sollt sinn, den ëffentlechen Transport fir de Benotzer méi attraktiv ze maachen. Dëst schreift sech iwwerdeems och an d'Klimapolitik vun der Regierung an, déi d'Bierger ëmmer méi vum Individualtransport fortbeweege wëll a Richtung ëffentlechen Transport. Et ass allerdéngs esou - an dëst ass mir vu ganz ville Bierger zougedroe ginn - datt grad am ländleche Raum eng Onmass u Busser ronderëm fueren, déi ganz dacks komplett eidel sinn.

Et muss een an deem Kontext jo och bedenken, datt d'Busser jo awer e relativ héijen CO2-Ausstouss hunn an dëst jo contraire zu den Ustrengungen ass, den Co2-Ausstouss ze reduzéieren.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Ass d'Regierung sech der Problematik bewosst, datt grad am ländleche Raum eng Onmass u Busser ganz dacks eidel duerch d'Géigend fueren a soumat onnéideg CO2 ausstoussen?
2. Huet d'Regierung bis dato Donnéeën, respektiv, Statistiken, wéi vill vun de Busser, besonnesch am ländleche Raum, eidel duerch d'Géigend fueren? Wa jo, wéi vill vun deene Bussen transportéieren an der Majoritéit vun de Fahrte guer keng Persounen, respektiv - opgeschlësselt no der Unzuel vun de Fuergäscht - just eng bis fënnef Persounen?
3. Huet d'Regierung bis dato eng Ënnersichung an/oder eng Ëmfro duerchgefouert, ob duerch d'Reform vum RGTR-Netz elo méi Bierger - opgeschlësselt no de jeeweilege Regiounen - op den ëffentlechen Transport zeréckgräifen? Wa jo, wat sinn d'Erkenntnisser vun där Ënnersichung an/oder Ëmfro? A wéi enge Regiounen huet sech an deem Kontext näischt zum Positive geännert, wat d'Unzuel vun den zefriddene Leit, déi op d'RGTR-Netz zeréckgräifen, ugeet?

4. Wann nee, gedenkt d'Regierung esou eng Ënnersichung an/oder Ëmfro ze lancéieren, fir esou besser op Defiziter reagéieren ze kënnen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen

Deputéierten